

## Ried zum Neijoerspatt 2020

Gary Diderich

Ech zielen Äerch haut den Owend eng Familljengeschicht, zum Deel meng an zum Deel déi vun eisem Land.

Ech fänken un bei deem eenzegen vu mengen Grousselteren deen ech gudd a laang kannt hunn, deen mech am meeschten markéiert huet. De Bopa Jos ass een vun 10 deen op der Wolwener Klaus grouss ginn ass, an dee klengen Haff konnt net jidderengem eng Zukunft bidden. Heen ass an de Minet geplënnert an huet op der Schmelz den Räichtum vun eisem Land an eiser Famill mat opgebaut. Aus éischer aarmen klengbäuerlechen Verhältnisser konnt heen duerch seng Aarbecht sech zu Déifferdeng eng Existenz fir sech an eis opbauen, een Haus matt Guart kafen, ee Guart wou heen éiweg no der Aarbecht geschafft huet an Kanéngescher geziischt huet.

Dëst ass eng Perspektiv déi mäer haut eiser Jugend net méi kënnen bidden.

Wunnen gëtt ëmmer méi zu engem Luxus an ouni Patrimoine vun der Famill kann keen onqualizéierten Aarbeschter sech nach iergendeppes leeschten mee och Leit matt mëttleren an héigen Revenu'en hunn et ganz schwéier.

De Bastian an de Luka schéngen dat verstan ze hunn, eréischt 7 an 9 Joer schwätzen sie schon driwer ween a wéiengem Haus eng Kéier wäert wunnen, een an eisem hallwen Haus an deen aaneren bei der Boma. Obwuel weder ech nach sie zu 10 Geschwëster sinn geet déi Rechnung awer net forcément op trotz dem Privilegen déi mäin Bopa a meng Elteren opgebaut hunn, meng Bridder an ech deelen duerch 4, meng Bouwen duerch zwee.

Mee ass dat iwerhaupt nach am Trend esou nozedenken ? Wat ass matt deenen wou no eis kommen ? Firwat et net einfach onbesuergt maachen wéi mengem Papp säin Ex-

Patron, d'Post ? Einfach alles verstéen fir den heechst méiglechen Präis, mäer eng déck Direkter Paie dorausser eraushuelen all Mount oder an den Weltall investéieren an der Hoffnung datt net alles an enger aanerer Galaxy verschwénnt ?

Dovun ofgesin datt d'Post engem wéi mengem Papp deen matt 15 huet missten schaffen goen keng laangfristeg Perspektiven méi bidd mee zënter der Privatiséierung virun allem ëmmer méi Aarbecht fir manner Paie. Dobäi ass d'Post een bien commun a säin Patrimoine soll all eise Bierger ze gudd kommen, weder als Hotel verlount ginn nach als Immobilie um privaten Marché verkaaft ginn. Essentiel Servicer wéi d'Post awer och d'Bunn, d'Energie, d'Waasser gehéieren an d'ëffentlech Hand. Wann de Staat ënnert der Responsabilitéit vun dëser Regiirung et net fäerdeg bréngt fir bezuelbaren Wunraum aus deenen Häiser ze maache, wat scho schlëmm genuch ass, da soll opmannst matt der Zivilgesellschaft a sozialen Akteuren gekuckt ginn. Iwer 20 Akteuren vun Wunnéngshëllef, Agence Immobilière Sociale bis zum Office Social vun eenzelnen Gemengen maachen zënter Joren deen Job deen de Staat an d'Gemengen zënter Jorzéngten verpassen ze maachen. Sie sichen mat Hänn a Féiss Häiser déi net der Spekulation zum Opfer falen an hei well d'Post se einach verstéeen.

De Pacte Logement 2.0 soll dann elo änneren datt d'Gemengen do net selwer méi maachen. Dobäi funktionnéiert deen Pacte no enger Logik déi mol net den Status Quo wäert beim aktuellen Wuesstem kënnen halen : Stellt Äerch fir datt et ee Fach gëtt « Bezuelbart Wunnen » an de d'Gemengen sinn d'Schüler déi an 5 Joer müssen beim Bierger eng Prüfung ofliweren. Dann wäer d'Aufgabenstellung déi heiten : « du muss een astellen fir d'Hausaufgabenhëllef, den kommunalen Logementsberoder an du muss 4-5 Aspekter vum Fach obligatoresch kucken an analyséieren, déi aaner Saachen sinn

fakultativ mee virun allem an der Prüfung ass et pupsegal wats de op d'Blad bréngs » All Gemeng kënn egalwéi duerch, keen brauch een Noexamen ze fäerten.

Dat ass esou wéi wanns de an der Klimapolitik eng CO2-Steier oder CO2 Bepreisung aféiers awers de mol net dovun ausgees datt sech domadder iwerhaapt effikass d'Verhalen vun Betriiber oder den Leit verännert. An och dat bréngt des Regiirung awer vis a vis vun där aanerer grousser Kris, der Klimakris, fäerdeg, well genee dat, datt se keen Verhalen ännert, huet den Claude Turmes tel quel selwer behaapt. D'CO2 Steier ass also net effikass, vertraut blann op den sougenannten « fräien Maart » a verstärkt nach sozial Ongläichheeten. Déi wou et sech kënnen leeschten an der Stad an engem neien Passivhaus ze wunnen wäerten neemlech iwer 250 € am Joer manner bezuelen wéi een deem op der Wolwener Klaus wunnt, an engem Altbau matt Mazout hëtzt an an der Stad oder nach schlëmmer an enger Z.A. ronderem d'Stad schafft an zum Beispill owes Büro'en botzen geet. Et geet villméi just drem esou d'Suen ze generéieren fir d'Klimausgaben obwuel de Klimafong gudd gefëllt ass, des Regiirung all Joer méi an d'Militärausgaben investéiert matt aktuell 385 Milliounen oder och nach 200 Milliounen an d'Spaceressourcen investéiert ginn.

Et ass net wëll mäer fannen dat näischt misst gemaach ginn géint de Klimawandel, et ass well mäer fannen dat vil méi misst gemaach ginn datt m'äer net matt dëser CO2 Steier averstan kënnen sinn. Ech hunn net no menger 3<sup>e</sup> mam Lycée opgehaalen an eng Klimakampagne organiséiert fir datt mäer elo nach weider wäertvoll Joeren verléieren. Dofir muss d'ëffentlech Hand direkt, urgent an weitgehend Regeln, Normen an Investitiounen huelen déi matt Sëcherheet déi gesaten Ziler erreeschen.

D'Regiirung an virun allem déi Gréng probéieren zwar zënter eiser Motioun zu der Urgence Climatique dat Wuertr urgence op ennerschiddlechen Plazen Accessoirement ze plazéieren mee esou eng Steier huet näischt matt Urgence ze dinn. Et kann een se méi

domadder vergläichen datt een Paschtouer Suen bei den Aarmen asammelt fir dat Gott se vun der Pescht verschount. Den modeernen Gott ass an dësem Fall « den Marché », och deen huet nach keen gesin.

Opmannst huet de Paschtouer d'Leit nach zesummen an eng Kiirch bruescht, d'CO<sub>2</sub> Steier an säin Gott de Marché wäert d'kollektiv Verantwortung total op individuell Schëlleren tesselen wat de Géigendeel bewierkt vun deem wat m'äer brauchen, de Gruew zwëscht den Kleng a Mëttelverdiener op d'äer enger Säit an den Grossverdiener respektiv den Groussgrondbesëtzer op der aanerer Säit gëtt esou emmer méi grouss. Et kann een hei net vun Pollueur-Payeur schwätzen wann een wees dass déi räischten 10 % weltwäit fir 45 % vun den klimaschiedlechen Emissiounen zoustänneg sinn an hei awer jiddereen zur Kees gebueden gëtt an en als Eenzelen dësen Haussen géigeniwer steet. Dobäi sinn et just 25 % vun den Aspierungen déi néideg sinn déi iwerhaupt um individuellen Niveau kënnen bewierkt ginn. Wéi kann d'Politik de Leit glaawwierdeg de Präis op d'Energie ondifferenzéiert eropsetzen a selwer Grossverbraucher wéi Google matt eisen niddregen Strompräis ulakkelen ? Wéi kann d'Regiierung de Leit d'Accisen ondifferenzéiert eropsetzen woubäi et virun allem d'Camion'en sinn déi d'Quantitéiten vum Spritexport ausmaachen an dann erlaabt d'Regiierung awer eng extra Tankstell fir Camion'en am Dreilännereck zu Rodange am PED ?

Alles dat ass net kohärent, net gerecht an net effikass, villméi misst d'Politik d'Suen dohi sichen goen wou se sinn andeems se Steiernischen zoumëscht, FIS'en an Stock-Options ofschaaft etc. Domadder kinnt dann eng konsequent sozial an ökologesch gerecht Politik gemaach ginn.

Wat wäer méiglech wann mäer eng ganz aaner Politik haut giffen decidéieren a maachen ?

Ech projezéieren mech mol an eng méiglech Zukunft vun menger Famill, vu munge Bouwen an hiirem eventuellen Nowues.

(Extrait aus engem gemeinsamen Pabéier vun Arbechtsgruppen bei déi Lénk:)

Donneschdeg 8. März. E ganz normalen Dag iergendwou zu Lëtzebuerg.

Dat klenzt Rosa ass fréi op a kuckt mam Gesiicht un d'Fenster gepresst eraus op den Hannerhaff. Hatt wëll näischt verpassen. Déi éischt waarm Sonnestralen vum Joer hunn déi éischt HausbewunnerInne fréi an de Gemeinschaftsgaart gelackelt. Et gëtt gegruenen, gebotzt a geplangt. Net méi laang an déi éischt Zalote gi geplanzt. Dem Rosa séng Bomi ass och do, sie sëtzt op enger Bänk. Sie kann net méi vill hëllefen, mee freet sech iwwer den Austausch an dat wat ëm sie rondrem geschitt.

Dem Rosa säi Papp preparéiert d'Schmieren fir hat a säi Brudder um Kaffisdësch. Hien mécht dat all Moien, well hien schafft réicht am fréie Nomëtten. Dem Rosa séng Mamm ass Moies scho fréi fort, sie huet Fréischicht. Sie schafft 4 ganzer Deeg d'Woch am Spidol.

Um kuerz virun 9 geet d'Rosa an d'Quartiersschoul, hatt mécht de Wee zu Fouss, mat den anere Kanner aus dem Quartier. Begleeder a Begleederinnen vum Schoulservice kommen d'Kanner sichen. D'Rosa ass zwee Joer méi jonk wéi déi aner Kanner a senger Klass. An der Gesamtschoul ass dat esou. D'Kanner léieren mateneen a vuneneen, an si léieren vun Allem. D'Rosa huet e Schoulmeeschter, an och eng Schouljoffer, déi sech ëm déi Kanner këmmert déi Schwiereregkeeten hunn.

Mëttes ësst d'Rosa an der Cantine. D'lessen gött net bruecht, mee op der Plaz gekacht. D'lessen kënt – je no Joreszäit - deelweis aus dem Schoulgaart an all Dag ass eng aner Klass agedeelt fir an der Kichen ze hëllef. Haut ass et dem Rosa séng Klass. D'Rosa léiert wéi Wuerzele wuessen, wéi een se schielt a schneid a wat een domat kache kann.

No enger gudder Mëttesrascht am Lies- a Schlofeck, fiert dem Rosa seng Klass mam Regionaltram an de Recyclingzenter. D'Kanner kréien do erkläert wéi d'Tabletten, d'Handy'en an d'Computeren hirstallt ginn, mat deenen ee kann digital schaffen a kommunizéieren. Am Recyclingzenter ginn déi Saachen ausernee geholl, gefléckt a nei verschafft. Dem Rosa säi Papp schafft ewéi vill aner Leit an esou engem Gemengebetrib. Doriwwer ass d'Rosa immens houfreg.

No der Schoul gött d'Rosa vu senger Mamm ofgeholl. Si gi gemittlech an den Training an d'Sportshal. Et ass eng grouss Hal, mat vill Planzen déi d'Mauere rofwuessen. D'Gebei ass ganz gréng an den Daach ass voll mat Solarpanneau'en. Domat gött de Stroum gemaach, vun der Gemeng. Dem Rosa seng Mamm trainéiert zweemol d'Woch déi kleng a grouss Equipp vum lokale Klub. An der Equipp gött heiansdo geraibert a geribbt, mee d'Rosa wees sech ze wieren.

Ouni kollektive Geescht an ouni Resistenz, wir dem Rosa seng Welt net déi, déi se haut ass. Doheem virum Schlofe goen, erzielen dem Rosa seng Elteren Geschichte vu fréier, wéi si hu missen op d'Strooss goen a kämpfen fir hirt d'Rescht op eng sëcher a liebenswaert Zukunft. D'Geschicht vun haut ass déi vum internationalen Fraendag. Een Dag, op dem d'Fraen op der ganzer Welt gestreikt hunn fir déi selwescht Unerkennung a Reschter ewéi d'Männer ze kréien.

Et ass d'Joer 2040 zu Lëtzebuerg.

D'Rosa wiisst an engem Land op, dat seng Zäregase géigeniwwer 2020 duerch fënnef gedeelt huet.

De Verbrauch vun natierleche Ressourcen ass ganz staark reduzéiert ginn. Den Earth Overshoot Day vu Lëtzebuerg ass net méi den 8. Februar wéi nach 2020, mee de 17. November. D'Aartevillfalt ass stabiliséiert, d'Ökosystemer erhuelen sech erëm.

Den Energieverbrauch ass duerch zwee gedeelt ginn, obwuel d'Bevëlkerung weider gewuess ass. Dat wat un Energie gebraucht gëtt, ass méttlerweil zu gutt 80% vun erneierbarer Produktioun um Territoire gedeckt, dat wat feelt gëtt an Zesummenaarbecht mat Gemengen an der Groussregioun gedeckt.

Nach ass Lëtzebuerg net klimaneutral, mee d'Land ass um gudde Wee fir dat an e puer Joer ze packen.

Wéi gouf dat alles erméiglecht?

Vill Leit wollten dat net méi esou akzeptéieren an hunn déi jonk Klimabewegung op der Strooss verstärkt a beräichert. Sie hu sech mat engagéiert, géint déi vill ze héich Logementspräisser an déi krass Immobiliëspekulatioun, géint de wuessende Chômage a schlecht Aarbechtsbedingungen, géint Diskriminéierung vun de Fraen, géint Rassismus, a géint schiedlech Fräihandelsaccord'en a Kricher em Ressourcen, géint d'Zerstéierung vun der Natur um Altor vun den Interesse vun e puer Wéinegen. Aus ugangsënnerschiddleche Gruppen an Interessen ass eng Bewegung ginn, mat engem zentralen Zil: E gutt Liewe fir jiddereen an enger solidarescher Gesellschaft.

Mee kommen mäer zeréck an d'Joer 2020 a werfen een Bléck zeréck op 2019: Amplaz datt eng Rei etabléiert Politiker a Leedungspositiounen sech intensiv matt den Schlësseldecisiounen fir an déi Richtung ze goen beschäftegen, këmmert muenscher een sech léiwer em een Siège am Verwaltungsrot vun ArcelorMittal, em d'Locatioun vum Appartement op AirBnB, investéieren carrément an eng Dozen Immobilien déi dann nach deelweis eidel stoe geloos ginn, fueren mam Bagger duerch een naturschutzgebidd fir sech do vun Arbechtssichenden een Gaardenhäisschen pro Bono renovéieren ze loossen oder sinn och einfach mol frou matt hiirern Jugurthsmaschin.

All déi Politiker déi méi no hiiren klengem oder grousem Wuel kucken amplaz dem Allgemengwuel ennergruewen emmer weider d'Vetrauen an d'Politik amplaz amplaz datt den néidegen Oproch an der Politik geschitt a vun der Politik ausgeht fir endlech déi sozial an ökologesch Krisen mee och déi Rietsextremismus an d'Kricher agedämmt ze kréien.

An der Politik Interessenskonflikter uschwätzen ass dohir wichteg fir den Ball ze spillen, dat heescht d'Allgemengwuel an de Mëttelpunkt ze setzen amplaz d'Persounen an hiir jeweileg Privatinteressen. Dofir brauch et awer och méi wéi den Skandalmodus deen vun der CSV bedriwen gëtt, et brauch den Drock an d'Initiativen fir Kontrollfunktione vum Gemengeréit & Chamber wiirklech wouerzehuelen an sech awer och an den Institutiounen nei Regeln vun Transparenz an Demokratie ze ginn. D'Reform vum Gemeengesetz muss dohir d'Kontroll an Initiativrecht vu Gemengeréit stärken an d'One-Man Shows vu Buergermeeschteren a Gemengen duerch méi Demokratie ersetzen.

Essentiell fir d'Demokratie ass och eis Press a mäer hunn a muenschen Dossierer an de läschten Méint gesin wéi wichteg hiir Onofhängegkeet ass an wéi wäertvoll eng qualitativ



héichwäerteg Rechercheaarbescht ka sinn. Dofir brauchen mäer een öffentlechen Radio wéi den 100,7 an en mussen kënnen fräi vun politeschen Aflëss sinn.

Maachen mäer awer och mol een Ausbléck op 2020.

Do gëtt et Grond fir Optimismus matt sozialen Mobilisatiounen wéi aktuell beim Cactus, wéi de Streik a Frankräich, matt der Klimabewegung déi wäert weidermaachen an matt der opkommender Mobiliséierung fir den Fraestreik 2020, alles Unzeechen fir Hoffnung datt dem Rosa säin Liewen sech 2040 eng Kéier kann esou méiglech gemaach ginn.

Mee et ass nach laang net gewonnen, dat eis Regiirung iwerhaapt un da Weltausstellung zu Dubäi deelhellt an dann och nach eng Rees vu Schüler dohinner organiséiert ass een eenzeggen Skandal.

Ech schléissen dann matt engem kuerzen Zitat vun engem aneren Rosa op:

„Mensch sein, trotz alledem“ huet d'Rosa Luxemburg gesoet.

An ech sinn iwerzeegt datt mäer duerch dat „Mensch sein“ vill kënnen bewierken an iergendwann net méi déi Ongerechtegkeeten mussen hinhuelen. Wann mäer dat hikréien, fir voll a ganz Mensch ze sinn an eis net auserneendreiwen loossen dann kann eis Solidaritéit an eisem Engagement an an eisem Alldag, lokal a global, da kënnen mäer weisen datt dem Rosa seng Geschicht ka Wiirkechkeet ginn.

Merci fir d'Nolauschteren an een solidarescht Joer 2020 fir jiddereen.